N° 4320
Entrée le 24.06.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

De „Crémant de Luxembourg" ass e wichtegt Qualitéitsprodukt vun der Lëtzebuerger Wäin- a Vitikultur. Hie steet fir e spezifescht Know-how, eng kontrolléiert Produktioun an eng kloer geographesch Hierkonft. Am Kader vun der „Appellation d'Origine Protégée – Moselle Luxembourgeoise" spillt de Schutz vun der Hierkonft an der Qualitéit eng zentral Roll fir d'Image an d'Wäertschätzung vun eiser Muselregioun.

Gläichzäiteg gëtt international ëmmer nees op Problemer mat Kopien, Mëssbrauch vu geschützte Bezeechnungen oder Fälschunge vu Wäin- a Schaumwäinprodukter higewisen.

An deem Kontext géing ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Ass der Madamm Ministesch bekannt, ob et beim „Crémant de Luxembourg" schonn zu Kopien, Fälschungen oder Mëssbrauch vun der geschützter Bezeechnung komm ass?
- Gesäit d'Madamm Ministesch Méiglechkeeten, de Schutz vum „Crémant de Luxembourg" nach weider ze verstäerken?
- Gëtt et eng Strategie, fir de „Crémant de Luxembourg" international nach méi staark als geschützt a qualitatiiv héichwäertegt Lëtzebuerger Produkt ze positionéieren?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu